N° 3697
Entrée le 24.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°3697 vum 25. Februar 2026 vum honorablen Här Deputéierte Marc Goergen betreffend der Enquête vum European Public Prosecutor's Office am Beräich vum RGTR.

*Fro 1: Ass de ganzen RGTR-Reseau vun der Enquête betraff oder just eng oder verschidde Busfirmen, déi fir den RGTR operéieren?*

*Fro 2: Huet de Mobilitéitsministere verstäerkt Kontrollen agefouert, fir sécherzestellen, datt d'Konditioune vun ëffentleche Kontrakter am RGTR-System agehale ginn a fir méiglechen Subsidbedruch an Zukunft ze verhënneren?*

De Ministère kann sech net iwwert d'Natur vun enger Enquête äusseren, déi net vum Ministère, mä vun der Justiz geféiert gëtt. Den Här Députéierte gouf am Detail iwwert d'Soupçons déi zu enger Dénonciatioun gefouert hunn, am Kader vun enger Commission Jointe, déi de 15. Januar 2026 am Huis clos, mat dem Här Finanzminister an dem Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, informéiert. An där Kommissioun goufen och d'Mesuren déi säitdeem bei der ATP agefouert goufen, virgestallt.

Lëtzebuerg, de 24. Mäerz 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes